N° 4501
Reçue le 13.07.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 13 juillet 2021

Le Ministre de l'Immigration et de l'Asile
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe ma réponse à la question parlementaire n°4501 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

Jean Asselborn

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Äntwert vum Här Minister fir Immigratioun an Asyl**
**op d'parlamentaresch Ufro 4501 vum 15. Juni 2021**
**vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

Fro 1 & 2:

Persounen, déi an enger Asylprozedur sinn, steet et fräi wärend dëser Prozedur ob hir Demande ze renoncéieren an zréck an hirt Heemechtsland ze goen. Wann si doropshin decidéieren awer nees hirt Land ze verloossen, dann hunn si d'Recht eng néi Ufro op internationalen Schutz ze stellen.

Wa méi oft Persounen hir Demande an engem bestëmmten Memberstaat zréck zeien, dann wéisst dat ëmsou méi den Besoin fir eng méi solidaresch Approche tëscht den Memberstaaten. All Memberstaat muss kënnen déi néideg "Conditions d'accueil" assuréieren, déi et him erlaben, d'Persounen, déi internationalen Schutz ufroen, mënschewierdeg ënnerzebréngen. Hei huet all Memberstaat séin Deel vun Responsabilitéit ze droen. Gläichzäiteg muss ënnerhalb vun der EU awer och d'Viraussetzungen geschaf sinn, fir den Memberstaaten, déi Problemer hunn an/oder déi méi DPI ophuelen, ënnert d'Äerm ze gräifen. Dëst setzt och viraus, dat d'Persounen, déi internationalen Schutz ufroen, ob all d'EU-Länner verdeelt ginn. Am Fall vu Griicheland besteet d'Solidaritéit och doran, um europäesche Niveau d'Ëmsetzung vun Deklaratioun EU-Tierkei ze ënnerstëtzen.

Fro 3:

Dat ass eng Entscheedung vun der griichescher Regierung, déi Lëtzebuerg net bënnt.

Fro 4:

Déi bilateral Kooperatioun tëscht Griicheland an der Tierkei steet am Zentrum vun de Bestriewungen fir d'Migratiounsstréim tëscht den zwee Länner ze reduzéieren. Dëst erlaabt et de griicheschen Autoritéiten de Backlog vun Demanden opzeschaffen an e méi geuerdenten System en place ze hunn. De Moment constatéiert een iwwregens een signifikativen Réckgang vun den Arrivéeën op d'griicheschen Inselen, sou datt een net vun massiven Migratiounsstréim schwätzen kann. Et ass awer och wichteg, dass d'Tierkei hiren Deel vun der Deklaratioun respektéiert an rëm Retouren vun den Inselen unhëlt.

D'Situatioun an Griicheland mécht awer däitlech, datt d'EU - wann se an Zukunft ähnlech Problemer ob den Baussegrenzen verhënnern wëll - sech muss op e fairen, pragmateschen System eenegen, wou ganz Europa Solidaritéit weist.